


# LUX



D' LETZEBUERGER ZU.  
LAUTERN



# Lëtzebuerger Studenten zu Kaiserslautern a.s.b.l.

AAA / Universität Kaiserslautern  
Postfach 3049 D-67653 Kaiserslautern  
Fax: +49 631 205-3599

---

## Inhaltsverzéchnis

Studéieren zu Kaiserslautern (Vierwuert)	2
Den LSK	3
D'Universitéitstaat Kaiserslautern	4
Openthaltsgenehmigung	4
Kultur zu Kaiserslautern	5
Sport	8
Waat kann é alles zu Lautern studéieren?	9
D'Aschreibung op der Uni	10
Studiendauer	12
Mathematik	13
Physik	17
Chemie	19
Biologie	21
Informatik	23
Maschinenwesen	26
Elektrotechnik	28
Architektur	30
Raum- und Umwelplanung	32
Bauingenieurwesen	33
Wirtschaftsingenieurwesen	36
Wéi gin d'Exame geschriwen ?	38

© 1994 by LSK a.s.b.l.

Special thanks to Daniel Ferron for updating, to Marc Ludwig, Olivier Pegel for writing this document, to Thun for the cover, to Joel Ferron for illustrating and to the Ministère de l'Education Nationale for sponsoring.

# Studéiren zu Kaiserslautern

## Virwuert

Félicitatiounen! Datt dir dës Brochure an den Hänn halt wëllt jo heeschen, datt dir iech fir Kaiserslautern interesséiert, waat och ké Fehler ass, well d'Renommée vu K-Town émmer méi grouss gët. Duerfir huet den LSK séng Broschure och nees erëm 'app tu déit' gesaat, well Verschiddenes sech an déne leschte Joer geännert huet.

Zousätzläch zum Guide du futur étudiant vun der ACEL soll dës Brochure speziell fir de Site K-Town eng Hëlléf sin, vir sech an dem Gewulls vun Administratives, waat esou am Studienufank op én duerkennt, erëmzefannen an si soll och e wéineg e Bild vun der Staat Kaiserslautern erëmspigelien.



Mir hun bewosst op zevill Détailler verzicht; dës Brochure soll jo némmen eng Orientatiounshelléf sin. Wann dir fest décideiert sitt fir e Studium hei unzefanken, da kennt dir iech roueg mam Comité oder mat déne jeweilegen Kontaktadressen a Verbindung setzen, vir méi gewuer ze gin.

Elo well ech awer och déne Leit nach Merci soen, déi zum Erschénge vun dëser Broschure hieren Deel beigedroen hun, a speziell dem Ministère de l'Education Nationale.

Iech léif "futurs etudiants" wënschen ech vill Freed bei der Lecture, an hoffen, deen én oder aaneren hei zu K'Town begréissen ze kënnen.

De Prési

Dan Ferron



**Den L.S.K....**  
**oder wéi en onbekannt Wiesen**  
**huet dës Broschure rédigéiert ?**

LSK steet fir:

*Lëtzëbuerger Studenten zu Kaiserslautern*

Eise Verein as politesch a religiéis neutral an huet keen aaneren Zweck, wéi d'Studentenliewen opzelakkeren.

De Club ass 1981 vu 7 Leit gegrënnt gin an ass zénter hier émmer méi grouss gin.

De Moment studéiren ca. 170 Lëtzëbuerger hei, dovu sin der ronn 120 am LSK. Et muss én natierlech nüt Letzebuerger sin vir am LSK ze sin, mé fir active Member ze gin muss é studéiren.

Eis Activitéiten konzentréieren sech um kulturellen Plang: mir organiséieren all Semester eng Luxi-Fete, déi schon op der ganzer Uni en gudde Numm huet; Péngschten haalen mir am Melu den Lauterer-Bal; de Kléesche kennt am Wanter bei d'Memberen; mir hun e Grillfest fir Nationalfeierdaag, maachen am Summer en Oofschlossfest, maachen dei eng oder aner Visite, publizéieren all Joer mindestens eng Zeitung, de LUXI, an gin eng Broschure eraus.

Doniewt sin mir op der Foire de l'étudiant présent, hu Vertrieber an der ACEL (der "Studentengewerkschaft") a sin och soss virbäi, wann eppes leeft, a mir hun dei meeschte Membere vun der ANEIL.

Mir hun Sportséquuppen an zwar am Fussball, a falls Interessi, am Basket, Volley, Badminton an hun natierlech och Trainingszeiten an der Haal.

Mir hun och e Stammdësch, wou mir eis all Denschdeg treffe fir ze schnëssen, Kaart ze spiller, etc.

Eis Infobriet hängt op der Uni niewent dem Bicherbuttek Geschwister Schmidt, wou dir all aktuell Informatiounen kënnt kréien, déi d'Lëtzëbuerger betreffen.

Och fir de Studium bréngt den LSK Virdéeler, well doduerch datt én aaner Leit kenneléiert kann én natierlech vill Infoen austauschen, zemols mat éeleren Semester. De Comité vun 9 Leit un der Spëtzt vum Veräin ass stets beréet fir ze hëlfen, wann é e Problem huet, zemols den Eischtsemestler, déi sech nach aliewe mussen a frou fir all Hëllef sin; mee dier musst jhust froen.

## D'Universitéitsstaat Kaiserslautern

D'Uni Kaiserslautern gouw 1970 an d'Liewe geruff, deemols nach énnert der Bezeechnung "Doppeluniversität Trier - Kaiserslautern". An hierem 24-jährege Bestehen huet si sech schéi gemausert. Woren deemols grad emol 200 Studenten hei ageschriwwen, sou sin ét der haut méi ewéi 10.000. Domat ass Kaiserslautern alles anescht ewéi eng riiseg Universitéitsstaat, besonnéch wann é bedenkt, dass d'Staat némmen 100.000 Awunner huet.

Den Uni-Campus, dé ganz am Bësch leit, ass architektonesch gelongen a ka sech weise loossen. Och ass d'Uni an enger stänneger Expansioun. Nach 1993 gouf é fonkelneit Gebei fir d'Fachberäicher Maschinebau an Wirtschaftingenieur ageweicht.

Nét némmen d'Uni, mé och d'Staat expandéiert mat grousser Vitesse. Sou steet dé neie Pfalztheater kuerz virun der Vollendung, den FCK-Stadion um Betzenberg gouf vergréissert, asw. Do derniewend gin dauernd nei Café'en a Restaurant'en op.

Och den Industriesecteur hei zu Lautern ass nét der klengster én. Weltbekannte Firmen ewéi Pfaff (Bizzmaschinen), Keiper - Recaro (Auto- a Fliigersätzer), Opel (Motoren) oder Otto Kern (Moudendesigner) hun zu Lautern hiiren Haapsétz.

## Openhaltsgenehmigung

An Däitschland muss é sech onbedéngt bei der Ausländerbehörde umelle, well é soss Schwieregkéete kréie kann. D'Ausländeramt ass Am Altenhof 11-13. Do kritt énn e Formulaire, dén én énnerhalb vun enger Woch muss oofgin. Folgend Dokumenter sin derniewend virzeléen:

- Pass oder Carte d'identité
- beglaubegt Bestätigung vun den Elteren dass déi vir d'Finanzéirung vum Studium opkommen (gét awer nét nokontrolléiert).
- De Mietvertrag souwéi de polizeilichen Meldeschein dén én am Rathaus kritt.

Wann én daat alles gemaach huet kritt én eng provisorësch Openhaltsgenehmigung, déi fir 3 Méint gültég ass. Duerno muss én nach eng Kéier bei der Ausländerbehörde passéieren, an da kritt én eng definitiv Openhaltsgenehmigung déi 1 Joér gütleg ass. No engem Joér gét se dann op weider 2 Joér verlängert.

Alles an allem ass daat zimlech emständléch. Dofir gin ét vill Lëtzebuerger déi guer keng (definitiv) Openhaltsgenehmigung hun. Daat ass natürlech jidferengem selwer iwerlooss. Mé vir all Problemer aus dem Wée ze goen, ass ét am beschten, ét bässt én an de sauren Aapel.

## Kultur

Kaiserslautern kann én elo nüt grad mat enger 'Kulturheichbuerg wéi Wien, Strossbuerg, Paräis asw. vergläichen, mee de fait, datt KL émmer méi zu enger Universitéitsstaat gët, bréngt och mat sëch, datt d'Kulturangebot émmer méi grouss get. Et ass nüt, datt é vu kulturelle Veranstaltungen géif erdréckt gi, mé wien eppes énnerhuele wéllt dé fénnt och eppes.

### 1. Theater

Den Pfalztheater huet am "groussen Haus" e ganz gudden Ensemble an en zimlech ofwiesslungsräiche Programm. Niewt Brecht, Goethe, Mozart stin och oft Theaterstécker, Operen an Musicals vun zäitgenösseschen Auteuren um Programm. Doniewt gët ét nach eng Studiobühn am Kulturzentrum 'Kammgarn' wou och oft méi onkonventionellen Theater ugebueden get. Last but not least am Jugendzentrum an der 'Bühne unterm Dach' an am Kulturzentrum Kammgarn (Casino) get ét Pantomimen Theater, Tanztheater an Cabaret. Gläich ass och dén neie Pfalztheater färdeg, an da wärt an dësem Sënn och nach e bessere Programm ugebueden gin.

### 2. Concert'en

An der Fruchthalle get ét regelméissech Concerten. Fir Rock a Pop ass am Kulturzentrum gesuegt. Am Jugendzentrum an der Steinstrasse, am Abwärts bei der Polizei an am Irish House sin oft Concerten mat Gruppen aus Lautern ét environs, mee och heiando kleng Gruppen aus dem Ausland. Verschidde Caféen fänken un, d'Leit mat Live-music ze énnerhaalen, z.B. de Leopold, wou all Mëttwoch-Owend Jazzmusic ugesoot ass fir nëmmen é ze nennen. Op der Uni get ét doniewent och eng Kulturgrupp déi ongefëier 10 Veranstaltungen am Semester organiséiert. Déi grouss Gruppen ewéi Simple Minds, Sting, den Al Jarreau an all déi aner kommen allerdéngs nüt op Lautern, mé ét sin nëmmen 50 km bis op Ludwigshafen oder Saarbrecken, 60 km bis op Mannheim, 80 bis op Heidelberg an 120 bis op Frankfurt (émmer Autobunn versteht sech), an do sin zimlech oft gudd Concerten. Kaarten dofir kann én natirlech hei zu Lautern kaafen.

### 3. Musé'en

De gréisten Musée zu Lautern ass d'Pfalzgalerie. Hei get nëmmen bildend Konscht ausgestallt. De Schwéierpunkt läit op der Molerei vum 19ten an 20ten Joerhonnert, virun allem beim däitschen Impressionismus an Expressionismus. Et gin regelméissech Wiesselausstellunge gewisen. Doniewt get ét nach e puer méi kleng Galerien dei zäitgenössesch Wierker weisen. Am Theodor Zink Museum geet ét méi em d'Geschicht vun der Staat, mä och Archäologie, Anthropologie, Miwelen, Glas an Parzelain gin hei an Wiesselausstellunge gewisen.

## 4 Kino'en

Kinoen get ét genuch, an der Staat selwer sin 8 Säll wou déi aktuellst Filmer gewise gin. Natirlech sin se op Däitsch synchroniséiert, mä dorunner gewinnt én sech. De Provinzkino läit zu Enkenbach, 12 km vun Kaiserslautern ewech an huet é ganz gudde Programm. Am Mount gin ongefíier 20 verschidde Filmer gewisen, aler a neier an ganz oft Saachen, déi é soss nüt ze gesi kritt. 15 km virun K'Town läit Landstuhl mat séngem fantaschesche Broadway Kino. Hei laafen déi neisten amerikanesch Filmer an Originalversioun an engem Superkader an a Superqualitéit. Am Jugendzentrum gin Densdes an Mëttwochs Filmer zu speziellen Themen gewisen; heiansdo mat uschléissender Diskussioun ähnlech wéi beim Ecran Témoin. Als lescht get ét dann nach den ASTA-Kino op der Uni, dé ganz gudd Filmer weist.

## 5. Bistro'en

Daat ass daat kulturellt Angebot, waat am méschte genotzt gët. Lautern huet offiziell 678 Gaststätten (Bar, Disco, Resto, Pizzerien) op 114.000 Leit!! Do ass bestëmmt fir jidderén eppes derbäi: Gudd Iessen, mëttel, schlecht Iessen, Snacks, Indy-Café, Hard-Rock, Jazz, Normal, Ausgeflippt, Gruffti; je vun allem!

Déi meescht awer kann én einfach emol vu viran vergiesse, well én sech zu Lautern ni an déi Ecken verleeft. Hei eng kleng, onverbindlech Auswiel, fir wann der mat Kollegen oder mat der Mamm an mam Papp eropkommt.

wisawi:	Direkt niewent der Uni. Gudd Pizzen!
monokel:	klenge chice Bistro an der Steinstraße (Altstadt)
leopold:	klenge, gemittléche Café an der Steinstraße, gudd Glacen.
malzwerk:	Rummelstraße 7, flott Dekoratioun, Guinnes a Kilkenny vum Faass
glockencafe:	Glockenstraße 43, émmer strubbelvoll, vill Studenten, Billardsdësch, am Summer flott Terasse dobaussen.
benderhof:	Richard-Wagener-Str. 74, flotten aalen Café, Billard, vill Studenten, am Summer och Terasse.
holzwurm:	Schulstraße 1b, Studentebistro mat vill Holz, mir spinnen all Joer Fußball géint si, verschidde Luxien schaffen do, flott Terasse.
abwarts:	Logenstraße 1, masseg Studenten, Dënschdes Disco, Donneschdes Live-music, soss flott Stëmmung.
pep:	Niewent dem Glockencafe. Denschdes Stammdesch, Dart-Equipe, Billard.

An der Altstadt gin ét nach vill méi Café'en, z.Bsp. St.Martin, Hannenfaß, asw. Kuckt einfach mol eran, daat ass daat bescht.

## 6. Restaurant'en

Kaiserslautern huet eng grouss Palette vun Restaurant'en. Dir fannt niewt Griechen, Franzousen, ville villen Italiener, Chinesen, Mexikaner an Indonesier natierlech immens vill Haiser wou én zu engem reasonable Préis 'gutbürgerlich' iesse kann. Och hei kann é némmen é klengen Iwerbléck ginn:

- la nuova mamma: Richard-Wagner-Str. 73 . Gudd, belleg a séier  
zum deutschen michel: Richard-Wagner-Str. 47. Riesenportiounen, gutbürgerlech a  
ganz bëllech  
julien: Altenwoogstr. 3. Franzéich Kichen, ganz flott a ganz gudd.  
Denschdes e gudde Menu fir wéineg Geld.  
flammkuche: Ludwigstr. 40. Elsäßisch Flammkuche fir all Goût  
cardinale: Rittersberg 14. Nobel Pizzeria fir Leit déi gar gutt lessen an Zait  
hun.

Wa Mammi a Pappi emol op Lautern kommen, da kann é och an den *storchenturm*, *Landsknecht*, *maritim* oder och villäicht *uve's tomate*, é vun dénen honnert bäschte Restaurant'en an Daitschland, goen.

## 7. Disco'en

Lautern ass net mat villem Discoe geséent. An déne puer déi ét gët gët ét och e ganz énnerschidlecht Publikum.

- glashaus: Tanzcafé, füllt sëch wann all aner Café'en an der Altstadt zou-maachen, bis 1/2 4 op  
filou: Tanzcafé, Publikum am Alter vun 30-40 Joer a geschéd. Niewend dem Pflaumenbaum.  
way up: am Gewerbegebiet, Disco voller Manta-Fahrer a Steinhäuser-Blondinen. (Bitte langsam sprechen, ich bin blond!)
- flash: beim Holderbaum, flott gemaach, den DJ ass e LUXI, all Musékrichtunge, mee Duerchschnëttsalter 13 Joer.  
abwärts: Logenstraße. Dënschdes Disco vu 'Blue Moon'. Strubbelvoll, total Stëmmung, lauter Studenten.

## 8. Feten

Zu Lautern oft bei de Luxis Privatfeten, wou é kéint Bicher driwer schreiwen. All Fachberäich organiséiert all Semester eng Kéier eng Fete, z.B. Maschfasch, Erstsemesterfete MW, asw. Och d'Lëtzëburger hun a puncto Fete e ganz gudden Numm op der Uni, well jidderen war schons op enger Luxifete, déi vu Semester zu Semester émmer méi memorabel gin.

## Sport

D'Uni bidd eng grouss Auswiel u Sportsméglechkeeten.

Fir jiddereen ass do ganz bestëmmt eppës dobäi, z. Bsp. Judo, Basket, Football, asw. Alles, waat d'Uni ubidd, ass grondsätzlëch gratis, ausser Tennis, Kanu fueren, Drachenfliegen, Segelen a Surfen, a Reiden. Fir all dës Sportarte gët ét awer reduzéiert Tariffer.

Den LSK féiert och en aktivt Sportsliewen. Mir hun Trainingsstonnen am Fußball an och am Basket, Volleyball, Handball, je nodem wéi d'Wënsch vun eise Membere sin. Hei zu Lautern gin ét och vill Leit déi reiden. Déi meeschts sin och Member bei de "Lëtzebuerger Studentereider". Den Oppmann vun dem Club ass och vu Lautern, an zwar ass daat den Diederich Christian a säi Stall ass am Gersweilerweg 30 a séng Boxenummer ass 0631 / 45324. Doniewt si si alleguer och nach bei de Lautrer Studentereider dobäi, en däitsche Club, an do ass den Oppmann op folgender Adress ze fannen:

Martin Wilderer  
Seilerstraße 4  
0631 / 93769

E puer Mountainbiker hu mir och; d'Datumen vun hiire Sortien hänken ebenfalls wéi all aaner Informatioune, déi d'Lëtzebuerger betreffen, émmer um Infobried aus.

## Waat kann én alles op der Uni Kaiserslautern studéiren ?

Déi folgend Säiten gin Iech en Répertoire vun alle Fächer déi én hei zu Kaiserslautern studéiere kann.

D'Viraussetzunge sin fir all Facher déi selwecht:

Eng Première oder en Equivalent derzou. Déi Leit, dei um *CUL* waren, kommen a verschiddene Fächer direkt an daat 3 Semester, mé vu Vierdél ass daat nüt. Am bëschte fänkt é direkt hei un.

An der Läscht kréien déi Leit, déi vum IST komm si, wéinst e puer Präzedenzfäll de Virdiplom, mé sècher ass daat nüt. Et hänkt dovun of, wéi é mat de Leit streide kann an wéi é sech verkaafe kann, wann ét drëm geet Fächer unerkannt ze kréien.

Hei zu K'town gët ét awer och nach eng Fachhochschule. An eisem Cercle hu mir och e puer Vertrieder, an an der Brochure gin ét och nach Infoen zu de Méiglechkéten op der FH.

Verschidde Fächer hun eng Zulassungsbeschränkung (Arch., Bio., RU, Lebensmittelchemie, Info.). Am folgende gët daat och behandelt a genee gesot wou der iech musst mellen.

Nach e puer Wuert zu de Praktiker: Wann é gäre Maschinnebau studéiert, dann muss én 8 Woche Stage gemaach hun, iert én zu Lautern kann ufänken! Daat heescht ét muss é bis spéitstens de 15ten Oktober eng Bescheinigung hun, datt é irgendwou an engem Betrieb 8 Woche laang geschafft huet.

Och fir déi aaner Fachberäicher brauch én e Praktikum, dén é awer nüt virweisen brauch, wann é wëllt ufänken.

Déi Leit aus dem Technique, déi en Atelier gemaach hun, kënnen sech dén unerkennen loessen. Duerfir brauch é en Ziedel vun der Schoul, wou de genée Programm dropsteet dén é gemaach huet; dann géet é eng Kéier op d'Praktikantenamt a frét wéivill se engem unerkennen an op é e schriffléchen Rapport muß ofgin oder nüt.

## D'Aschreiung op der Uni

Fir sëch zu Lautern aschreiwen zr kënnen, sin 3 Saache ganz wichtèg:

### 1. Den 'Antrag auf Zulassung zur Immatrikulation':

- Dëse Formulaire kritt én op der Uni selwer, beim CPOS (280, rte. de Longwy L-1940 Luxembourg), an der Thomas-Masnn Bibliothéik (an der Galerie Konz op der Gare), oder vun engem fréndleche Lëtzebuerger dén zu Lautern studéiert.
- Op de Formulaire kënnt eng Passfoto
- Bei de Formulaire kommen d'Fotokopie vum 'Diplôme de fin d'études secondaires' mat de Punkten aus dem Examen. D'Fotokopie mussen amtläch beglaubegt sin. Daat mecht d'Police, d'Gemeng oder de Sekretariat vun der Schoul.
- Huet én en Noexamen, da muss én eng Notiz derbäi léen, datt én den Diplom am September noschéckt.
- Fir datt d'Uni engem äntwerte kann, kommen och nach 5 'coupons réponse internationaux' vun der Post an d'Enveloppe.
- Daat ganzt gët a Form vun engem ageschriwënnne Bréif (lettre recommandée) fortgeschéckt.
- De Bréif muss bis spéitestens de 15. Juli beim Studentensekretariat ukomm (!) sin.  
Adress ass:

Universität Kaiserslautern  
Erwin-Schrödinger-Str.  
D-67653 Kaiserslautern

Abt. 7, Geb. 13, Raum 255  
Tél.: 0049 / 631 / 205 - 2596  
Sprechstunden: mo - fr: 10<sup>00</sup> - 12<sup>00</sup> und di: 14<sup>00</sup> - 16<sup>00</sup>

- Opgepasst: bei engem Studiegang mat Zulassungsbeschränkung (Numerus clausus) dé fir ganz Däitschland gëllt, muss én sech bei der ZVS zu Dortmund bewerben !

### 2. Enn Juli kënnt vun der Uni den 'Zulassungsbescheid', datt én fir de Studium ugeholl ass ( oder och nüt ).

- Um Zulassungsbescheid stéet drop wou a wéini én sech op Lautern aschreiwe (immatrikuléire) komme kann, a waat én alles muss mat oofgin.

3. Fir d'Aschreiung, och **Immatrikulation** genannt, huet én Zäit bis Enn August

- **WICHTEG:** D'Immatrikulation muss *perséinläch* op der Uni firgeholl gin.

- Fir d'Immatrikulation brauch én:

- den Original Diplom
- de Pass oder d'Carte d'Identité
- 1 Passfoto
- 2 Formulairen E111 vun der Krankekées
- En Noweis vum 'Grundpraktikum' (Industriepraktikum) falls é Maschinebau studéire wëll.

- De Formulaire E111 vun der Krankekées muss é bei der AOK (Allgemeine Ortskrankenkasse / Kaiserslautern, Kanalstr. 25, Tél.: 0049 / 631 / 36370) oofgin. Do kritt én dann en Ziedel, datt én vun der Versicherungspflicht befreit ass, dén én bei der Aschreiung firléen muss. Fir déi restläch Dauer vum Studium brauch é sech dann guer nüt méi dorën ze këmmeren.

- Als Grundpraktikum sin Aarbechten an engem Atelier (Feilen, Séen, Schwéessen, asw. ) während 8 Wochen verlaangt. D'École professionelle vun ARBED Differdange oder der CFL bidden z. Bsp. all Joërs an der grousser Vakanz speziell Stagen dofir un.

Am beschten awer ass ét wann é sech am Praktikantenamt selwer emfréet waat fir é Praktikum fir déi jeweileg Fachrichtung verlaangt gët.

Weider Informatione kritt Dir selbstverständläch bei de Membere vum Comité oder bei de Kontaktpersounen déi bei der Beschreiung vun de jeweilegen Fächer ugi sin.

## Studiendauer

Eng Fro déi sech jidferén stellt wann é op d'Uni geet ass *wéivill Joer* de Studium dauert. Ént firwech: de Studium dauert an Däitschland *méi* laang wéi an der Belscht oder och an Frankräich. Daat huet folgend Ursachen:


1. Et ass keen Zäitpunkt festgesaat, wéini é seng Diplomklausuren schreift. De Virdiplom kann é fréistens no dem 4ten Semester kréien, mä d'Moyenne läit bei 5 bis 6 Semester, bedéngt duerch d'Duerchfaalen, Oofmellen mat Dokterattest, net umellen, asw. Hei kënnt ét drop un wéi é mat senger akadémischer Fräihéet emgéet.
2. Am Haaptdiplom kann é vill Fächer fräi wielen, doduerch schnuppert é an e puer Fächer eran a schreift am Examen villäicht ganz anerer. Et ka sin datt an dem Seminar daat é mache wëll keng Plaatz daat Semester ass, sou dass é ét eréicht daat Semester drop maache kann. mat Laboen ass ét ganz oft daat selwecht.
3. Vill Leit mussen eng Studienarbecht während hierem Studium machen. Déi dauert theoretesch 3 Méint, praktesch awer 6 Méint bis é Joer. Bei der Diplomarbecht ass ét ähnlech. Bei enger experimenteller Arbecht kann é oft net viraus soen wéi laang se dauert an waat dobäi eräuskennt.

Aus déne Grënn ass ét (u)topesch fir vun den Regelstudienzäiten auszegoen. Nëmmen ganz verénzelt Cracken machen hire Studium an dëser Zäit. Méschtens sin ét awer 3 bis 4 Semester méi. Wann é hei ufankt, da soll é sech am beschten mol 11 - 12 Semester virstellen. Wann ét besser géet, tant mieux. Déi Leit déi sech en 8 Semester-Studium virstellen, gin oft ganz séier frustriert an ét wär villäicht besser, déi Leit géifen é nom Schoulsystem geregelte Studium an der Belscht oder an Frankräich ufanken.

E grousse Virdéel vun dem preisëschen System ass awer datt é léiert sech ze organiséieren an säin Studium selwer gestalte kann. Et kann é säin égenen Tempo aschloen an och méi Saachen machen déi é wierklech interesséieren. Duerch déi grouss akademesch Fräihét muss é oft ganz stark géint säin "inneren Schweinehund" ukämpfen. Wann é daat erfollégräich mecht kann ét engem am spéideren Beruf nëmmen vu Virdél sin.

Am folgenden kënnt dir en méi genauen Iwerbléck iwer d'Fächer, déi é hei zu Kaiserslautern studéire kann, gesin.

# Mathematik



Daat alleréischt waat é sech bewosst muss gin, wann én e Mathéstudium ufankt, ass d'Tatsaach, dat én esou gudd wéi keng Gelégenhéet wärt kréien am spéidere Berufsliewen daat anzesetze, waat é op der Uni geléiert huet.

D'Mathematik léist sëch an zwou grouss Stréimungen opdélen: an d'ugewandt Mathematik, an an d'reng Mathematik.

**D'ugewandt Mathematik** probéiert fir é Bezug zur Praxis ze kréien oder ze haalen. Ennert dës Richtung faalen ènnert anerem d'Numerisch Mathematik, d'Wahrscheinlechkeetstheorie an d'Stochastik déi z.B. bei Versécherungen oder Emfroen eng grouss Roll spilleren.

Der **renger Mathematik** ass ét ganz égal op hir Resultater jémols é Bezug zur Praxis kréien oder nüt. An dése Beräich falen d'algebraisch Geometrie, d'Gruppentheorie, d'Festkierpertheorie, asw.

Fir lo awer de Besoinen vun der Industrie esou wäit wéi méigléch entgéint ze kommen bitt d'Uni Kaiserslautern am ganzen 4 Mathésstudiumen un aus dénen é als Diplom-, Techno-, oder Wirtschaftsmathematiker oder esouguer als Mathematiker mat Staatsexamen eraus kénnt. Déi lescht Méiglechkeet kann é direkt oofhaken, déi ass fir déi Leit geduecht, déi an Däitschland 'Lehrer' (lëtz.: Prof) wölle gin.

Zu all Studiengang gehéiert en Niewefach, daat héscht et muss én och Vierliesungen aus engem aneren Fach lauschteren an doran Prüfungen maachen.

De Studium ass opgedéelt a Grondstudium an Haaptstudium. De Grondstudium dauert 4 Semester an hält mat dem Virdiplom op, den Haaptdiplom schléist dorun un an hält mat den Haaptdiplomsprüfungen op.

Am **Grondstudium** léiert é déi wichtegst Inhalter an Methoden souwuel an der Mathé wéi och am Niewefach kennen, an ét léiert é Programméiren. Virliesungen déi én an der Mathé lauschteire muss sin:

- |                 |  |
|-----------------|--|
| am 1. Semester: | Lineare Algebra I, Analysis I, bides mat Übungen   |
| am 2. Semester: | Lineare Algebra II, Analysis II, och mat Übungen   |
| am 3. Semester: | Analysis III oder eng un Analysis II uschléissend Virliesung, Numerik I oder Praktische Mathematik I, alles mat Übungen. |
| am 4. Semester: | Numerik II oder Praktische Mathematik II, Stochastik, alt erém mat Übungen.  |

Doniewt muss én am 3. an 4. Semester och nach e Virtrag vun ron enger Stonn Dauer iwert é spezielle mathematische Problem oder Artikel haalen.

Daat waat én am Niewefach lauschteire muss hängt vum jeweilege Niewefach of.

Den **Haaptstudium** ass do fir seng Kenntnisser ze erweideren, souwuel an der Mathé wéi och am Niewfach, och am Hibleck op d'Diplomarbecht. Hei get ét an der Mathé keng Virschréften waat én u Virliesungen lauschteire soll. Daat héscht ét kann é daat lauschteren wat engem am méschte Spaass mécht, mé ét muss é kucken, datt é genuch Virliesungen lauschtet, well é soss keng Prüfung maache kann. Zousätzlech muss én en 2. Virtrag haalen vun 2 Stonnen mat Schwéierpunkt z. Bsp. a Richtung Diplomarbecht.

**Studiendauer:** ét get eng Regelstudienzäit vun 9 Semester ugeholl, daat ass awer en absolut onréalistesche Wert, wann é bedenkt, datt alleng d'Diplomarbecht 1 bis 2 Joer an Usproch hält (offiziell soll se 6 Méint dauerer). An der Studienordnung stéet, ét soll én an 12 Semester färdeg gin, daat ass dran, mé ét hánkt vill vun der Diplomarbecht oof, wéll an der Zäit wou én un dár schafft, kénnt é zu soss näischt.

**Virliesungen:** Déi méscht Virliesungen sin  $2 \times 2$  Stonnen, dozou muss é soen dass eng Stonn u séch némmen 45 Minuten sin. Zu alle Virliesungen kommen eng Kéier an der Woch 2 Stonnen Übungen derbái. De Sujet vun den Aufgaben, déi do behandelt gin, gouf an der Virliesung behandelt. Nodem se ausgedéelt sin huet é ron eng Woch Zäit vir d'Exercicer ze machen; well déi awer ganz oft relativ schwéier sin, duerf én an Équipen vun 3 - 5 probéieren ze léisen. D'Gruppenarbecht ass ganz wichtég, well Mathé léiert sech nét am 'stillen Kämmerlein'. An den Übungsstonnen gin dann d'Exercicer nach eng Kéier behandelt, ét kritt é gesot waat é falsch gemach huet. Wann Froen zu der enger oder anerer Saach aus der Virliesung sin, ass do déi richteg Plaatz fir se ze stellen.

Daat gëlt alles sénngeméiss och vir d'Virliesungen am Niewefach.

**Centre Universitaire:** Dái Leit déi vum CUL kommen, kréien hir 2 Semester souwuel an der Mathé wéi och an der Physik (wann é Physik als Niewefach wielt) unerkannt. Wann é sech en anert Niewefach eraussicht, muss ém am éischten Semester ufänken.

D'Regelung, dat é direkt an d'3. Semester kënnt, kléngt ganz gutt, mé si ass nüt onbedéngt déi bescht. Daat hängt domat zesummen, datt d'Ufängervirliesungen am 1. an am 2. Semester nüt standardiséiert sin, daat héscht, well all Joer én anere Prof d'Virliesung hält, ass och all Joer déi behandelt matière anescht.

Lo awer zu dénen énzelnen Studiegäng.

**Diplommathematik:** Dëse Studiegang ass dén, dén engem déi méschte Fräihéet léist sain Studium no sengen égenen Préferenzen auszerrichten.

Den Haaptzweck ass, datt é déi wichtegst Verfahren souwuel an der renger, wéi och an der ugewandter Mathé kenneléiert, sou datt é sech spéider ouni Schwieregkéeten an all Problemer aschaffe kann. Als Schwéierpunkt am Haaptstudium kann én alles wielen, vun der renger Mathé bis hin zu konkrete Problemer aus der Praxis.

Als Niewefächer kann é Biologie, Chemie, Elektrotechnik, Informatik, Maschinebau, Physik oder Wirtschaftswissenschaften wielen.

**Technomathematik:** An dësem Studiegang gët de Schwéierpunkt op d'Praxis geluecht, daat héscht ét kritt én eng Formatioun, déi engem hélleft mathimatéisch Modelle fir technéisch Problemer ze erstellen an och auszewárten.

Den Techno soll doduerch gudd mat Ingénieurs an Naturwissenschaftler zesummschaffe kënnten. É Schwéierpunkt get dobäi och op den Emgang mat Computere geluegt, daat héscht ét léiert é Problemer mat Hélfel vun Computeren an den adäquaten mathimatéischen Hellefsméttelen léisen.

Am Niewefach geet ét dann dorems direkt é Bezug zur Praxis ze kréien. Als Niewefach kann én Elektrotechnik, Maschinnebau oder technéisch Physik wielen.

Nach derbäi kennt eng Ausbildung an der Datenverarbechtung, déi ét dem Techno erméigleche soll souwuel nei Software ze entwéckelen wéi och ze benotzen.

**Wirtschaftsmathematik:** Dëse Studiegang ass geduecht fir déi Studenten déi gezielt mat Verfahren a Kontakt komme wéllen déi fir d'Wirtschaft relevant sin. Och hei get de Schwéierpunkt op é Bezug zur Praxis geluegt. Dobäi ass Wirtschaft ze verstoen als Betriebswirtschaft, industriell Fabrikatioun an Fabrikatiounsofléef, awer och als Psychologie oder Soziologie.

Als Niewefach bleiwt jhust nach Wirtschaftswissenschaften iwrcg.

Och an dësem Studiegang mecht é eng Ausbildung an Dateverarbechtung, déi hei souwuel theoretéisch Informatik, wéi och Betriebs- an Datebanksystemer behandelt.

---

**Opbau vum Studium:** Am Grondstudium lauschtert én déi virgeschriwen Virliesungen, wann é wellt kann én och an anerer goen. Zu all Virliesung get et am allgemengen Übungen. Et ass normalerweis sou datt wann én 40 % vun den Aufgaben richteg huet, én um Enn vum Semester é Schäin kritt. Am 1. an 2. Semester ass ét awer sou, datt é zousätzläch eng Klausur (=Prüfung) iwer d'matière vun der Virliesung schreiwe muss. An der Mathé get ét vum 3. Semester un keng Klausure méi, daat gelt awer net fir d'Niewefach; do get am Allgemengen émmer eng Klausur geschriwen.

Um Enn vum 4. Semester wann én all Schäiner zesummen huet déi é brauch, kann é sech fir de Virdiplom umellen. An der Mathé muss én 3 mëndlech Prüfungen machen. Daat héscht ét géet é bei de Prof an ét mecht é mat him en Termin aus. D'mëndlech Prüfung dauert an der Regel 30 Minuten.

Am Haaptstudium gesait ét esou ähnlech aus, jhust datt én do méi Fräihéet huet, waat d'Auswiel vun den Virliesungen ubetréfft, well keng Virliesunge méi virgeschriwe sin. No dem 7. oder 8. Semester, wann é wéss waat é mache well, geet é bei e Prof a fréet sech en Thema vir séng Diplomarbecht, an dann duerf é lass léen. Je no dem bei wéi engem Prof é seng Diplomarbecht mecht, kann én all Daag beim Prof laanscht goen, an ét get sech émmer Zäit geholl fir d'Problemer duerch ze diskutéieren, bei aneren ass daat net sou de Fall well déi z.B. nemmen eng Kéier an der Woch op der Uni sin. Wann é lo mierkt dat é färdeg mat der Diplomarbecht gett, fánkt én un seng Diplomprüfungen virzeberéden déi wéi émmer mëndlech sin.

Wann d'Prüfungen gepackt an d'Diplomarbecht ugeholl sin, duerf én als Dipl. Math., Dipl. Math. Techn. oder Dipl. Math. Oec. héem trëppelen. Et duerf én awer och bleiwen an z.B. Assistent bei engem Prof gin.

---

Kontaktadresse:	Serge BRITTNER Kurt-Schumacher-Str. 18 67663 Kaiserslautern Tél.: 0631 / 26 706	10, route d'Echternach L-6617 Wasserbillig Tél.: 74 315
-----------------	--	---

---

# Physik

De Studium vun der Physik ass zu Kaiserslautern an zwou Stufen énnertélt:

- Grondstudium, dé mam Virdiplom ofgeschloss gët, an den
- Haapstudium, wou é mam Haaptdiplom den Titel "Diplomphysiker" kritt.

De **Grondstudium**, an dém allgemeng d'Grondlagen vun der Physik vermettelt gët, dauert 4 Semester.

1. an 2. Semester: Mechanik, Thermodynamik, Optik, Électricitéit
3. an 4. Semester: Grondlagen vun der Atom-, Molekül-, Festkierper- ann Kernphysik.

Innerhalb vun dëse 4 Semester mussen 4 Praktika, déi insgesamt 36 Versich émfaassen, duerchgefouert gin. Dës Versich sin un d'Matière vun de Virliesungen ugelehnt.

Während dësem Zäitraum mussen och Virliesungen an der Mathe besicht gin. Hei kann én wielen zwëschent:

Höhere Mathematik während 4 Semester  
Lineare Algebra während 3 Semester

D'Stonnebelaaschtung ass bei dénen 2 Cyclen déi selwecht. Während d'Höhere Mathematik sech méi mat der Uwendung vun der Mathe befasst, gin d'Analysis ann d'Algebra méi an d'mathematësch Grondlagen an.

Parallel zum Haaptfach muss och nach é vun de folgenden Niewefächer gewielt gin: Elektrotechnik, Maschinenbau, Informatik, Biologie, Chemie, Physikalesch Chemie oder Wirtschaftswissenschaften.

De Grondstudium gët mat mëndleche Virdiplomsprüfungen a folgende Fächer ofgeschloss:

- Theoretësch Mechanik
- Experimentalphysik
- Mathé

Je no Fach kann d'Prüfung am Niewefach schriftelegéin.

Den **Haaptstudium** dauert 6 Semester. Dovu si 4 Semester Virliesungen an 2 Semester Diplomarbecht. Am Haaptstudium kann é zwëschent 3 Richtunge wielen:

- Theoretësch Physik

- Experimentalphysik
- Technesch Physique

Heibäi sief bemierkt, datt de Choix vir d'Verdéiwungsrichtung onofhängeg vum Grondstudium ass. Am Haaptstudium besteet déi selwecht Wiel un Niewefächer wéi am Grondstudium.

Vir d'Richtung Technesch Physique muss bis zur 1. Diplomprüfung en Industriepraktikum vun 12 Wochen virgeluecht gin. Dëse Praktikum soll aus 2 - 4 Wochen Ateliersarbecht an 8 - 10 Wochen Laborarbecht an der Industrie bestoen.

Während d'Technesch Physik méi praxisbezugen ass, stellt d'Experimentalphysik eng Verbindung téschent der Theorie an dem Experiment duer (Grondlagenforschung).

Den Haaptstudium gët mat 3 Diplomprüfungen an der Diplomarbecht ofgeschloss.

Cours universitaires: Den bestaanenen Diplom op der Sectioun MP berechtegt é direkt am 3 Semester unzefänken. D'Léschtunge vum 1. an 2. Semester gi voll unerkannt, d.h. all déi Klausuren, déi am 1. an 2. Semester zu Lautern um Programm stin, brauch é nët nozechuelen. Ausserdem gin 2 vun 3 Praktika unerkannt. D'Virdiplomsprüfungen, déi d'Grondstudium ofschléissen, müssen all gemach gin. Et gët keng Régelung vir d'Unerkennung vum Niewefach. Hei können nämmen duerch perséinlech Kontakter zu déne betreffende Proffen Accord'en getraff gin.

#### Impressioune vun aale Kämpfer:

D'Regelstudiendauer vun 10 Semester ass an der Regel nët anzeahaalen. Et muss é mat enger Studiendauer vun 12 - 14 Semester rechnen. Grénn heifir sin zum Déel Terminproblemer bei Seminärer an Praktika während dem Haaptstudium, esou wéi eng Verlängerung vun der Diplomarbecht.

Am Vergläch zu der Belsch an dem Frankräich ass de Studium vun der Physik an Däitschland am Schnëtt 1 bis 1,5 Joer méi laang. Et huet allerdéngs dé Virdél, datt é säi Studium méi fräi gestalte kann. Esou ass z.Bsp. d'Reihenfollég vun den Virliesungen nët fest virgeschriwen. Weiderhin kann é d'Virliesunge vum Haaptdiplom ufänken, ouni datt é de Virdiplom ofgeschloss huet. D'Prüfunge vum Virdiplom gin nët zu virgeschriwenen Zäiten ofgehaalen. D'Terminer möcht é mat de Proffe selwer of. No der 1. Prüfung huet é nach 4 Semester Zait vir den Virdiplom ofzeschléissen.

É groussen Virdél vum Fachberäich Physik op der Uni Kaiserslautern ass, datt e relativ kleng ass. é ëmfasst ca. 500 Persounen. Dëst erméiglecht é gudden an perséinlechen Kontakt zu dën verschiddenen Profen, esou wéi eng gudd Betreiung an de Praktika.

Fir Leit, déi niewt hierem Studium gären e puer Sue verdéingen, besteht d'Méiglechkeet, am Haaptstudium Übungen a Praktika fir déi nei Semester ze betreien.

Fir weider Renseignementer kënnst dir Iech gären u folgend Leit wenden:

MOUSEL Thierry Gasstraße 30 67655 Kaiserslautern 0631 / 69836	BUCARI Jerry Kurt-Schumacherstr. 28a 67663 Kaiserslautern 0631 / 25155
--	---

12A, rue Baerendall L-8212 Mamer Tél.: 31 62 98	70, rue de Crauthem L-L-3390 Peppange Tél.: 51 56 42
---	--

oder Iech direkt mat der Geschäftsstelle vum Fachberäich Physik a Verbindung setzen:

Fachbereich Physik  
c/o Blochmann  
Bau 46 / 356  
Erwin-Schrödinger-Str.  
D-67663 Kaiserslautern  
Tél: 0631 / 205 - 2391

---

## Chemie

Zu Kaiserslautern gët ét ronn 750 Chemiestudenten, déi sech op 4 Studiegäng verdeelen:

1. D'Diplom - Chemie
2. Chemie mat Studienziel "Lehramt Gymnasium"
3. Chemie mat Studienziel "Lehramt Realschule"
4. Lebensmittelchemie

"Lehramt" ass némmen interessant fir eis däitsch Kollegen. Hei zu Lëtzebuerg kann én als Diplom-Chemiker och Prof gin. Als Lebensmittelchemiker sin d'Berufschancen och minimal, well hei zu Lëtzebuerg gët ét der jhust én oder zwee am Staats-labo. Zudem gët ét hei e strengen Numerus Clausus an ét ass schwéier, fir eng Studieplaatz ze kréien. Déi beschte Chancen huet é also als Dipl.-Chem. an duerfir gi mir am folgende méi gené drop an.

De Studium ass an 2 Déeler gegliedert.

## 1. De VIRDIPLOM:

Hei gi folgend Fächer behandelt:

- Experimentalphysik
- Anorganesch Chemie
- Organesch Chemie
- Physikalesch Chemie
- Mathematik

An der Experimentalphysik huet é während 2 Semester Virliesung, an all Semester gët mat enger benouteter Schäinklausur ofgeschloss. No dem 2. Semester an der Vakanz kënnt dann e Physiks-Praktikum op é duer, dén aus lauter prakteschen Experimenter besteet. Dësen dauert 5 Woche, mat 2 Experimenter pro Woch.

Ab 3. Semester, wann é daat alles huet, kann é schons déi mëndléch Virdiplomsklausur an der Physik virzéien.

An der Mathé huet en 2 Semester Virliesung an och hei schléisst all Semester mat enger einfacher Schäinklausur of. D'Mathé huet de Virdéel, datt é hei keng Virdiplomsklausur brauch ze schreiwen.

Weider huet é dann an dénen 2 éischte Semester nach Experimental Chemie, fir d'Diplom-Chemiker ouni Klausuren, an Anorganesch Chemie, déi sech op de Labo bezitt. De Labo ass all Daag vun 1300 - 1800 Auer während 2 Semester, wou én dann no Härzensloscht kache kann. Ofschléissend zum Praktikum ass dann eng mëndléch Prüfung beim Prof.

Da bleiwt nach d'Physikalesch Chemie an d'Organesch Chemie. Zu der jeweileger Vierliesung gët ét och natirlech e Praktikum ze maachen. Méi Infoen zu Oflaaf heivunner kënnt der bei der Kontaktpersoun nofroen.

Wann é daat alles huet, kann é ab 5. Semester de Virdiplom ofschléissen.



## 2. Den HAAPTDIPLOM:

Am Haaptdiplom gin déi 3 Chemie mat Vierliesungen, Übungen an Praktika verdéift. D'foeneft bis d'siewent Semester sin erëm genau festgeluecht, am 8te Semester mecht é eng 'Schwerpunktbildung' an engem vun den 3 Chemie-Fächer. Doniewt sin nach eng 2 bis 3 Niewefächer aus engem Fächerkatalog ze wielen. Nom 8ten Semester gin an dénen 3 Chemien an an de Wahlfächer d'Haaptdiploms-klausure gemach.

Un d'bestaanen Haaptdiplomsklausure schléisst sech d'Diplomarbecht un, déi 9 bis 12 Méint dauert.

Duerch déi zäitraubend Praktika (5-6 Stonnen den Daag) plus Virliesungen an Übungen ass é forcéiert, vill Aarbecht owes oder um Weekend ze machen. Aus dem selwechte Grond gët d'Regelstudienzäit vun 9 Semester iwerschratt. D'Moyenne vum Chemiestudium läit hei bei ronn 12 Semester.

Kontaktadress:

Claudine CILLIEN

37, rue E. Servais  
L-4989 Sanem  
Tél.: 59 34 24


Kurt-Schumacher-Str, 18  
D-67663 Kaiserslautern  
Tél.: 0631 / 15388

## Biologie

De Biologiestudium emfaasst e Grondstudium an en Haaptstudium, daat mat der Diplomarbecht ofgeschloss gët.

### De Grondstudium: (1. - 4. Semester)

Hei gin theoretesch an elementar Techniken vun der Biologie behandelt, an daat a Form vun Virliesungen, Übungen, Praktika, Seminaren an Exkusiounen. Waat am Grondstudium gemaach muss gin, as genau virgeschriwwen. No dem 4. Semester gët de Grondstudium mat der 'Diplom-Vorprüfung' ofgeschloss.



Et gët iwer folgend 3 Beräicher gepréift:

- Zoologie: begräift all zoologesch Virliesungen an Praktika aus dem Grondstudium
- Botanik: begräift all botanesch Virliesungen an Praktika aus dem Grondstudium
- Chemie: Et kann é zwëschent "Organischer Chemie" an "Anorganischer Chemie" wielen.

### Den Haaptstudium: (5. - 8. Semester)

Den Haaptstudium délt sëch a 4 op:

**1. Fortgeschrittenenpraktika (FP)** : En FP dauert 5 Woche mat ongeféier 20 Stonne pro Woch. Am Praktikum sin bal émmer obligatorësch Virliesungen a Seminaren

intégréiert. Et kann é wielen, wéi eng Praktika é maache wëll. Zur Auswiel stin ongefëier 30, wouvun én der mindestens 9 müssen machen.

D'Haaptgebitter déi zur Wiel sti, sin: Biotechnologie, Mikrobiologie, Cytologie, Pflanzenphysiologie, Zoologie, Botanik, Genetik, Humanbiologie, Tierphysiologie.

**2. Spezialpraktika:** Dëst si Praktika, déi méi déif an déi verschidde Gebitter eragin. Sie gin an der Regel mat 4 Stonne pro Woch ugebueden an dauerent insgesamt 5 Wochen. Zur Wiel stin 10 Themeberäicher, wouvun é der 2 wiele muss.

**3. Exkusiounen:** ét muss en entweder eng grouss Exkusioun vun e puer Déeg mattmachen oder e puer Exkusiounen vun engem Daag.

**4. Praktika an/oder Virliesungen an engem nüt biologesche Fach:** Do gin ét verschidde Méiglechkeiten. Et gët an der Regel ugeroden, d'Niewefach aus dem Beräich vun der Chemie ze wielen.

### **D'Diplomhaaptprüfung:**

D'Diplomhaaptprüfung schléisst de Studium no dem 8. Semester of. Sie setzt sech aus engem mëndlechen an engem prakteschen Dél (Diplomarbecht) zesummen.

De mëndlechen Dél begréift 4 Diplomprüfungen, dovun sin der 3 aus dem Beräich Biologie an eng aus dem Niewefach. Vun den 3 Biologieprüfungen ass d'Haaptprüfung aus dém Fach, wou é séng Diplomarbecht mache wëllt. Fir zou den Prüfungen zougelooss ze gin, muss é bestëmmte Praktikakombinatiounen viirweise kennen. D'Diplomarbecht soll no 6 Méint ofgeschloss sin.

### **Viraussetzunge fir Biologie ze studéieren**

Wëll é zu Kaiserslautern Bio studéire, muss é eng Première oder en Équivalent dozou hun.

De Fachberäich Bio ass staark zoulassungsbeschränkt, well hie relativ kleng ass. Dofir léeft d'Aschreiwung iwer d'ZVS nom allgemengen Auswahlverfahren an dier musst är Demande u si riichten. Esou ass also nüt gewëss, op der iwerhaapt hei zu Lautern kënnt studéieren, mé ét ass awer é Versuch wärt.

De CUL huet engem hei nämmen eppes bruecht, wéi é en huet missen hu fir spéider op Lëtzebuerg an den Enseignement ze goen. Dir hutt méi Virdéeler, wann Dier direkt am 1. Semester hei zu Lautern ufänkt, well hei, am Géigesatz zum Cours, niewend der Theorie, d'Praxis eng grouss Roll spilt..

### **Impressiounen vun 'aale Kämpfer':**

D'Regelstudienzäit vun 10 Semester ass eng Utopie. é général ass mat enger Studiendauer vun 11 bis 12 Semester ze rechnen. Den Haaptgrond heifir ass, datt eng Diplomarbecht méi laang wéi 6 Méint dauert. Ausserdem huet é am Géigesatz zu

anere gréisseren däitschen Unien d'Chance fir bal all déi Praktika ze maachen, déi é interesséiren, an jé méi é wëllt maachen, je méi Zäit brauch én. De ganze Fachberäich ass relativ kleng an emfaasst ongeféier 500 Leit. Perséinlech Kontakter mat de Proffen si gudd méigléch.

Am Studium selwer soll é relativ flexibel sin, well ét z.B. vill Praktika a Prüfungen gin, déi némmen an der Semestervakanz ugebueden gin.

Wëll é also d'Theorie mat der Praxis vun der Biologie kombinéiren, sain Studium gréissendéels selwer gestalten, dann ass Däitschland fir en Biologiestudium unzeroden.


Fir weider Informatione ze kréien, wennt Iech w.e.g. un d'Fachstudienberatung:

Dr. Jürgen Storrer  
Uni Kaiserslautern, Bau 13, Raum 460  
Tél.: 0631 / 205 - 2502

---

## Informatik

Den zwétgréisten Fachberäich zu Kaiserslautern ass de Fachberäich Informatik, mat ca 1500 Studentinnen a Studenten. Et gët zu Kaiserslautern fir d'Informatik eng Zoulassungsbeschränkung. Dir musst also är Demande un d'ZVS schécken, wou der nom allgemengen Auswahlverfahren eng Studieplatz kritt.



Während dem ganzen Informatikstudium gin verschidde Gebitter oofgedeckt:

- Praktesch Informatik
- Technesch Informatik

- Theoretisch Informatik
- Mathematik
- Niewefach

Als Niewefach muss é Mathé, Physique, Elektrotechnik, Wirtschaft oder Maschinebau wielen, an daat direkt am éischte Semester. Et ass allerdéngs ké Problem fir nom éischtien (oder och zwéte) Semester d'Niewefach ze wiessele, wann é mierkt dass ét engem wierklech nüt läit. Nom Virdiplom get d'Wiessele komplizeert.

Et beschäftegt é sech am Niewefach mat de Grondlage vun dem jeweilege Fach, an ét ass duerchaus gläichwerteg zu engem vun dénen anere 4 Beräicher.

Waat én an der Informatik am méschten keimen déet ass d'Mathe (!) an d'theoretisch Informatik ( !! ). Et geet do zimlech abstrakt hier, an ét ass schon e Virdéel, wann én an der Schoul schon mat Mathé keng allzegrouss Schwieregkéeten haat an én e gutt Theorieverständnis huet!

### **Grondstudium:**

Am éischte Semester *Mathé* gët e bessche méi emfangräich daat behandelt, waat op der Première B am Lycée gemaach gin ass. Op dësem Niveau geet ét dann och weider. Et muss é Mathé I bis Mathé IV lauschteren, déi all Kéier mat enger Scheinklausur oofgeschloss gin.

D'*Theoretisch Informatik*, déi aus de Fächer 'Elemente der Automatentheorie, formale Sprachen und Berechenbarkeit' souwéi 'Korrektheit von Programmen' bestéet, befaast sech éner aanerem mat der Fro, ob e Problem berechebar (also an endlecher Zäit mat engem Rechner ze léisen) ass oder nüt. Vun den zwou Scheinklausuren, déi zu den Virliesunge gehéieren, muss é op d'mannst é Schäin packen, vir an d'Virdiploms-klausur zougelooss ze gin.

An der *Praktescher Informatik*, mat de Fächer 'Einführung in die Informatik', 'Datenstrukturen' an 'Höhere Programmiersprachen', beschäftegt é sech mat der konkreter Uwendung vum Rechner, z.B. op waat fir eng Manéier é programméire kann, a waat fir Strukturen é Daten oofspäichert, wéi én Daten sortéiert, a.s.w. Niewt den theoretischen Aufgaben, déi sech op d'Vierliesunge bezéien, gin ét an den Übungen, déi zu der Vierliesung gehéieren, och praktesch Aufgaben, déi é um Rechner léise muss. Och hei muss é 2 vun 3 méigleche Schäiner packen.

Wéi é sech wärt denke können, geet ét an der *Technescher Informatik* virun allem em d'Hardware, d'Maschin u sech. An de Fächer 'Digitale Logik', 'Technische Informatik I & II', 'Rechnerorganisation' léiert é niewt e bësche Schaltungslogik, wéi en Chip funktionéiert an opgebaut ass, an ét gët an déi verschidde bekannt Maschinnen eragekuckt: Wéi sin se opgebaut, waat fir eng Déler gin typescherweis an engem Computer gebraucht. Hei muss é op d'mannst 1 Schäin hun.

Niewt de Virliesunge muss én am 3. Semester an der technescher Informatik nach den 'Hardware-Praktikum' (HWP) maachen, dén aus 12 Versich vun ca. 4

Stonnen bestéet an zimlëch zäitopwendëg ass. Ouni HWP-Schäin gët é nüt am Virdiplom zougeloooss.

Desweideren kënnt dann och nach nom 2. Semester é *Proseminar* derbäi. Daat ass é Virtraag vun ca. enger Stonn iwer é bestëmmten Thema aus der technëscher, praktëscher oder theoretëscher Informatik. Ouni dëse Schäin gët én nüt am Virdiplom zougeloooss.

### Haaptstudium

Hei leeft ét e beschen aanescht ewéi am Grondstudium. D'Schäiner muss é sech hei duerch eng praktesch Uwendung erschaffen.. Et mecht é zwé Praktika, déi doranner bestinn, dass é daat, waat an der Vierliesung op eng theoretesch Art a Weis behandelt gin ass, konkret uwend. Dé Beräich, an dém é esou e Praktikum mecht, kann é selwer wielen. Et bidden sech un:

- Praktesch Informatik: Datenbanken, Computergraphik, Künstliche Intelligenz (hei grouss vertrueden, énnner anerem durch den Forschungszentrum DFKI), Expertensysteme, Systemsoftware, Compilerbau.
- Technësch Informatik: VLSI-Entwurf, Robotik.
- Theoretësch Informatik: Reduktionssysteme, Effiziente Programmierung.

Et kann én also daat maache, waat én am méschten interesséiert. Ausserdem muss é nach eng Projektarbecht maachen, waat eng kleng wëssenschaftlech Arbecht vun ca. 3 Méint ass. Dobäi kënnt nach é Schäin an der Mathé, én am Niewefach, an é Virtrag, bei dem én d'Thema grad ewéi bei der Projektarbecht selwer wielen kann.

Den Oofschloss sin d'Diplomprüfungen. Et muss é 5 mëndlech Prüfungen an 8 Méint maachen. Schlussendlëch mecht é dann nach séng Diplomarbecht, déi ongefëier ca. néng Méint daure wärt.

Alles an allem muss é rechnen, nüt virum 10. Semester färdig ze gin, och wa platzeweis esou Saachen stin. Den Duerchschnëtt läit bei 12 - 13 Semester.

Kontaktadressen: Christian SCHREIBER  
Bremerstr. 1-5  
67655 Kaiserslautern  
0631 / 13146

14, rue de la Forge  
L-3322 Bivange  
Tél.: 36 97 44

Joël SCHONS  
Cusannusstr. 30  
67663 Kaiserslautern


7, rue de Mondorf  
L-5470 Wellenstein  
Tél.: 69 335

## Maschinenwesen

De Maschinnebau ass niewent der Elektrotechnik de klasseschen Ingénieurstudium an huet och zu Lautern mat déi méschte Studenten. An dësem Studium get é awer net nemmen op d'Konstruktioun vu Maschinnen virbereet, mé d'Schweierpunkte leien op de Bräicher Forschung, Entwécklung, Produktioune, Planung, Projekteirung, Betrieb, Vertrieb an Management.

De Gronstudium bestéet aus zwé Déeler, de Virliesungen an dem Stage. Als Fächer sin am Grondstudium obligatorësch:

3 Sem. Mathé	2 Sem. Werkstoffkunde
3 Sem. Technesch Mechanik	3 Sem. Maschinenelemente
2 Sem. Thermodynamik	2 Sem. Elektrotechnik
2 Sem. Physik	1 Sem. Stömungslehre
1 Sem. Technescht Zéchnen	1 Sem. Betriebswirtschaftslehre
1 Sem. Informatik	



Alternativ dozou huet é nach d'Wiel teschent Fertigungstechnik an Chemie.

D'Klausure kann é an dräi Terminer schreiwen. Déi, déi é di éischte Kéier nüt packt, kann é an engem 4ten, noutfalls och an engem 5ten Termin nohuelen. Sou kann é de Virdiplom fréistens nom 4ten Semester, normalerweis awer nom 5ten oder 6ten Semester hun. Déi zwét Léeschtung vir de Virdiplom ass é Praktikum vun 13 Wochen. Heirënner verstéet én zum Beispill: Feilen, Bueren, Dréien an lauter esou spännend Saachen. Obligatoresch sin 8 Woche Praktikum, déi é virweise muss, wann é sech an d'éischt Semester aschreiw. Leit, déi d'Handwierskerschoul gemaach hun oder Atelier haate, sollen nüt färte, fir sech dén unerkennen ze loessen.

Huet é dann de Virdiplom endläch kritt, da muss é sech schon zimlech blöd ustelle, wann dat ganzt nach an d'Box goe soll. Leider ass den Haaptdiplom awer vill méi Arbecht, dofir awer e gudd Stéck méi interessant. Fir unzefänken sin erém 13 Wochen Stage virgeschiwen. dës Kéier sin awer esou Saache wéi Entretien, Konstruktioun, Montage, Kontroll, etc. um Programm. Och hei soll é roueg probéieren fir esou vill wéi méiglech unerkannt ze kréien.

Als nächst stin zwou Studienarbechten um Programm. Dëst kennen entweder Literatur-, Konstruktions- oder Experimentivarbechten sin. An der Diplomordnung sin dës zwar mat 6 Méint ugin, ét kann én awer an der Regel mat engem Joer rechnen. Mé keng Angscht! ét schafft é jo nëmmen niewebäi drun.

Als Studienrichtung gin hei zu Lautern folgend Méiglechkeiten ugebueden:

- *Allgemeine Maschinebau*: fir déi Leit déi séch nüt op eng Richtung festlée wëllen. Hei gin all Aspekter vum Maschinebau duerchgeholl.
- *Konstruktionstechnik*: Entwéckelen vun neie Maschinen.
- *Kraaft an Arbechtsmaschinen*: Hei gët é ganz speziell iwer all Zorte vun Arbechtsmaschine (Verbrennungsmotoren, Turbinen, Turbo-maschinen etc.) an déi fir d'Entwécklung noutwendeg Grondlagen virberét.
- *Produktionstechnik*: Ziel vun desém Studium ass én Ingénieur, dé vir de Betrieb an Entretient vun enger Produktioun zoustänneg ass.
- *Theoretische Maschinebau*: Dëse Studium ass méi vir Theoretiker énnert den Maschinnebauer geduecht. Eraus kënnt én Ingénieur dém séng Plaatz an der Recherche läit.
- *Verfahrenstechnik*: Heiränner versteet én Anlagen an Apparater fir d'Chemesch Industrie an Biologie- an Medizintechnik.
- *Emwelt-Verfahrenstechnik*: Dës Richtung bestéet nach nüt all ze laang, mé gët awer émmer méi wichteg. Hiert Aufgabegebiit si Maschine fir d'Emweltbelaschtung duerch d'Industrie ze begrenzen.
- *Werkstoffe*: Dëst ass déi allerneits Vertiefungsrichtung. Hei léiert é, wéi é Werkstoffer benutzt, entwéckelt, test an ét léiert é d'Werkstoffer vun der Zukunft, d'Verbundwerkstoffe méi gené kennen.

Zum Oofschloss vu séngem Studium muss é nach eng Diplomarbecht schreiwen. Dës kann é awer och dohém oder am Ausland an der Industrie maachen, waat méschtens méi séier geet an och nach bezuelt gët.

Kontaktadressen: PEGEL Olivier

MULLER Marc

Beethovenstr. 52  
67655 Kaiserslautern  
0631 / 26232

Beethovenstr. 52  
67655 Kaiserslautern  
0631 / 26232

1, rue de Luxembourg  
L-3392 Roedgen  
Tél.: 37 82 11

8, Kiemchen  
L-7470 Saeul

## Elektrotechnik

De Fachberäich Elektrotechnik ass é vun de Matgrënner vun der neier UNIVERSITÄT KAISERSLAUTERN. Hien ass den 3. gréisste Fachberäich, waat d'Zuel vun de Studenten ubelaangt an huet domader eng relativ wichteg Infrastruktur.

De Studium ass é rengen Ingénieurstudium; d'Letzebuerger schléissen am Duerchschnëtt no ca. 12 Semester of.


Am Laaf vum Studium sin 13 Woche Grondpraktikum an der Metallverarbeitung an der Industrie ze maachen. Zum Zäitpunkt vun der Aschreiwung muss é awer nach ké virweisen.

De Studium ass an zwou grouss Partien agedélt:

de Virdiplom bestét aus enger Rei grondtechnécher Fächer, Mathematik an méi reng elektrotechnéche Fächer. Folgend Fächer gin duerch Virdiplomsklausure gepréift:

4 Sem. Mathé (2 Klausuren)	1 Sem. Energietechnik
3 Sem. Technësch Mechanik	2 Sem. Informationstechnik
2 Sem. Physik	1 Sem Werkstoffkunde
2 Sem. Elektrotechnik (Grondlagen)	1 Sem. Elektronik
2 Sem. Theoretësch Elektrotechnik	

Desweidere muss é och nach munech Schäiner kréien. Wann é all Klausuren a Schäiner gepackt huet, kritt é säi Virdiplom.



Den Haaptdiplom bitt 5 verschidde Vertiefungsrichtungen (Spezialisatiounen) un:

- Automatiséierungstechnik: Hei gët d'Entwerfen, d'Reegelung an d'Optiméierung vun elektresche an elektronische Systemer behandelt.
- Energietechnik: Daat ass d'Behandlung vun elektrësche Baudéier a Maschine fir d'Gewennung, den Transport an d'Emwandlung vun elektrëscher Energie.
- Nachrichtentechnik: Dëst Gebitt befasst sech mat der Hiirstellung, der Transformatioun, der Iwerdrong an der Verarbechtung vun allméigleche Signaler, Daten an Norichten.
- Digitaltechnik: D'Beschreiwen an den Opbau vun diskreten (= digitale) Systemer vun der Hardwarestruktur vu Rechner, esou wéi Typebeschreibung vun den diverse Programmiersprochen.
- Allgemeng Elektronik: Dës Verdéiwungsrichtung bestét zum gréissten Déel aus de Grondfächer vun de 4 genannte Vertiefungsrichtungen an eng Partie fräi wielbare Fächer.
- Mikroelektronik: Entwerfe vun integréierte Schaltungen.

Ass de Virdiplom ganz festgeluecht, waat d'Fächerkombinatioun ubelaangt, esou ass den Haaptdiplom an de jeweilegen Vertiefungsrichtunge méi fräi gestaltbar. Bis op eng Partie "Kernveranstaltungen" déi vir jidderén identesch sin, huet all Vertiefungrichtung séng speziféch Fächer. Mé och do ass dem Student 'Spillraum' gin; hie kann sëch säi Stonnen- a Prüfungsplang zum Dél selwer opstellen.

D'Angebot un de Fächer ass grouss an ausser de Proffen déi op der Uni täteg sin, kommen nach esou munech Dozenten aus renoméierte Firmen an Institutter Virliesungen an Virträg op d'Uni haalen.

Kontaktadress: MAJERES Tom  
10, rue Federspil Kurt-Schumacher-Str. 10  
L-3391 Peppange D-67663 Kaiserslautern  
Tél.: 51 70 72 Tél.: 0049 / 631 / 18356


---

## Architektur

Fir d'Architektur gëlt eng Zoulassungsbeschränkung. Daat ganzt léeft iwer d'ZVS nom allgemengen Auswahlverfahren an är Demande musst Dir direkt u si richten.

De Virdiplom déelt sech a 4 op:

**1. Gestaltung:** An der Gestaltung léiert é 1. Fräihandzéchnen, 2. mat Material schaffen (Gips, Toun, Holz), ét léiert é 3. wéi én e Plang duerstellt, 4. gët én op d'Grondlagen vum Entwerfen zougefouert. 5. gin an den "Grundlagen der Baukonstruktion" iwer 4 Semester sämtläch Stufe vun engem Hausentworf durchlaaf, d.h. ét gët e ganzt Haus geplangt. An alle Fächer muss eng gewëss Zuel vun Übunge bestaane gin, woufir ét dann e sougenannte 'Schäin' gët.



**2. Konstruktiounsfächer:** An der 'Baustofftechnologie' gëlt sämtläch Material daat op engem Bau gebraucht gët énner d'Lupp gehol an an der 'Bauphysik' gëlt op déi Sachen aus der Physik agaangen déi fir den Architekt wichteg sin. (z.B. Wärmedämung, Schalldämmung, a.s.w.). All Fächer schléisse mat enger Klausur of.

**3. Ingenieurwissenschaften:** Hei gin ét 3 Fächer:

1. Technische Gebäudeausrüstung (Statik)
2. Verdingungswesen (Wéi en chantier organiséiert gët)
3. Vermessung (hei gët gekuckt op den Theo do litt oder op hien nüt litt)

1. gët als Virdiplomsklausur geschriwen, 2. an 3. gin mat Schäiklausuren ofgeschloss.

**4. aaner Fächer:**

1. Baugeschichte
2. Rechtsgrundlagen (Baurecht, Architektengesetz, ...)
3. Einführung in die städtebauliche Planung
4. Darstellende Geometrie und Perspektive.

Hei gin och 1. an 2. als Virdiplom geschriwen an 3. resp. 4. als Schäin ofgeschloss.

Zousätzläch zou déne 9 Schäiner a 5 Virdiplomklausuren déi é muss packe kënnt nach é Baupraktikum vun 8 Wochen (dëse Stage kann é schons virum Studium maachen, oder an de Vakanzen während de 4 éischte Semester). Duerno kritt én dann

endléch den Virdiplom. Et kann én de Virdiplom locker no 5 bis 6 Semester ofschléissen.

Duerno kënnt dann dé méi interessanten *Haaptstudium*. Dëse bestét aus engem Déel Pflichtfächer. Doniewt kann é séch séng aaner Fächer selwer zesummestellen. Och hei sin niewt dem Studium nach 18 Wochen Praktikum (deelweis an engem Architekturbüro) ze maachen. De Schwéierpunkt vum Haaptstudium läit um Entworf. Den Entworf ass natierlech Pflichtfach, an heimat beschäftegt é sech am Haaptstudium am méschten. Et sin hei 3 grouss Entwörf, 4 méi kleng 'Monatsentwürfe' a 4 'Tagesentwürfe' ze maachen. Als weider Pflichtfächer gin:

- |                                |                                      |
|--------------------------------|--------------------------------------|
| 1. Gebäudelehre                | 3. Raumgestaltung                    |
| 2. Konstruktion und Gestaltung | 4. Geschichte und Theorie des Bauens |

ugebueden.

An déne 4 Pflichtfächer sin natierlech Haaptdiplomsklausuren ze machen. Doniewt sin aus engem Katalog vu 25 Fächer der 4 auszewielen. Dës Fächer gin mat benoutete Schäiner ofgeschloss.

No den Prüfungen an den Entwörf möcht é seng Diplomarbecht, déi aus engem groussen Entworf besteht an déi dauerst ongeféier 1 Joer.

Fir weider Informatioune wendt Iech un:

BRIX Nadine

Carl-Eulerstr. 28  
67663 Kaiserslautern  
0631 / 29786


88, rue de Cessange  
L-1320 Luxembourg  
Tél.: 48 16 38

DAVERKAUSEN Carlo

Kurt-Schumacher-Str. 26a  
67663 Kaiserslautern  
0631 / 23047

3, rue des Pommiers  
L-5558 Remich  
Tél.: 69 80 10

## Raum- an Emweltplaner



De Beruf vum Raum- an Umweltplaner ass eréischt an déne leschte Joerzéngten entstaanen, nodém den Däitschen hier Siedlungsdicht enorm stark zugeholl huet, an déi énzel Interessegrouppen unené gerode sin.

Fréier war ét den Architekt, dén haaptsächlech an der Stadt- a Raumplanung geschafft huet. Haut èemfaast dëse Beruf nüt alleng dës Fachgebiddher, mé och Regionalplanung, Ortsplanung, Landschafts- an Gréngplanung, Politologie, Ökonomie, Soziologie, Rhetorik, Bau- an

Emweltrecht an Emweltschutz etc. ...

**Stadtplanung:** An dësem Fachgebitt gi Planungsaufgaben an -instrumenter, städtebaulech Strukturen, Stadtgestaltung, sozial an ökologesch Zesummenhang an enger Staat studéiert.

**Ortsplanung:** Hei gi Froen an Problemer vu ländleche Gemengen an Uertschaften esouwéi hir Entwécklungsméglechketen analyséiert, diskutéiert an duergestalt.

**Gréng- an Landschaftsplanung:** Wichteg fir Emweltschutz an -planung sin ökologesch Zesummenhang. Dofir gi wichteg Grondlage vum Naturhaushalt vu Staat a Landschaft analyséiert an diskutéiert. Doriwwer hinaus huet och Gréngplanung a -gestaltung fir den architektoneschen Entworf a fir Stadtplanung eng grouss Bedeutung.

**Regional- an Landesplanning:** Fir Interessegebiddher vun den Awunner vun engem Land ènnert é Hut ze kreien as ét wichteg, der Landschaft ènnert dem Regard vun sozialen, ökonomeschen an ökologesche Kriterien verschidden Fonktiounen zouzeweise wéi z.B. Landschaftsschutzgebiddher, Fraizäitanlagen, Industriezonen, Wunngebiddher, Autobunnen, Schutz vu Rohstoffquellen a.s.w. ...

Fir dëse Studiengang gët ét eng Zoulassungsbeschränkung mé déi léeft nüt iwert d'ZVS, mé dir musst är Demande direkt un d'Uni riichten.

Wén sech fir de Studium vum Raum- an Emweltplaner interesséiert, kann weider Informatiounen bei folgender Kontaktadress ufroen: Dipl. Ing. Mitschong  
Gebäude 1, Raum 036  
Tél.: 0631 / 205 - 2586

## Bauingenieurwesen

### 1. D'Berufsbild vum Bauingenieur (BI)

Dem BI säin Zoustännegketsberäich erstreckt sech op all déi Gebidder, déi mat der Gestaltung an Notzung vun eiser Emwelt ze din hun. Dobäi si mathematësch an naturwëssenschaftlech Erkenntnisser énnert Berücksichtegung vun ökologesche, sozialen, ökonomëschen a kulturelle Gesichtspunkte Basis fir Entschédungen a Léisunge vun Aufgaben.



Zu den Aufgabe vum Bauingenieur gehéieren:

- Planung, Entwurf, Konstruktioun, Dimensionéirung, Ausférung, Iwerpréifung an d'Demolitioun vun engem Bauwierz
- Planung, Programméirung, Kontroll, Betrieb an Ennerhalt vun der technëscher Infrastruktur.
- Matvierke op allen Planungsebenen an der Orts-, Regional- a Landesplanung
- Fuerschung an Entweaklung.

Besonnëch wichtig, wéi an allen technesche Gebidder, ass d'Kooperatioun mat Fachleit aus aaneren Disziplinen. Eng staark Zesummenarbecht besteht natierlech mat Architekten a Raumplaner.

De BI schafft beim Entrepreneur, am bureau d'études, bei privaten a staatleche Promoteuren a beim Staat.

### 2. Den Opbau vum BI-Studium zu Kaiserslautern

Op der Uni KL hun sech d'Fachberäicher vun den 3 Studiegäng Architektur, Raum- und Umweltplanung an Bauingenieurwesen zum Fachberäich A / RU / BI zesummegeschloss.

D'Coure vu BI si fir eng Dauer vun 8 Semester ausgerichtet. No 9 Semester, der sougenannter Regelstudienzäit, soll de Studium ofgeschloss sin. Op d'Basis vun dénen 9 Semester ass dé gesamten Zäitwand agerechent, dén néideg ass fir an d'Vierliesungen ze goen an d'Studienarbechten ze maachen, woubäi de Praktikum awer nët agerechent ass. Mé normalerweis, wann é sech och nach fir aner Fachgebidder interesséiert oder sech nach soss engagéiert (Projet'en, Comité, ...) da kann daat och schons 1 bis 2 Semester méi laang dauer. Op der nächster Säit gesitt dir den Organigramm vum BI Studium.

Eng Viraussetzung, fir bei der Diplomprüfung zougelooss ze gin ass e Praktikum vun 20 Wochen. Well é awer déi Zäit, wou keng Coure sin, brauch fir séng Exame virzeberéden a séng Studienarbechten ze maachen, huet é besser ét mécht é en Déel vum Praktikum schons virum Studienufank, fir Zäit ze spueren.

De **Grondstudium** an den éischten 3 Semester ass fir all Studente gläich. Do gin déi néideg methématisch a wëssenschaftlech Kenntnisser vermittellet.

Am **Grondfachstudium** hun all Studenten déi selwécht Fächer. D'Coure gin é Abléck an déi haapsächlech Aarbechtsmethode vun dénen énzelne Fachgebidder a sollen de Student esou qualifizéieren, dass hien no dem Ofschloss vu séngem Studium an enger gewësser Anarbechtungszäit an allen Fachgebidder mat Succès schaffe kann.


D'Gebit vum Bauingenieur ass esou vaste, dass an der läschter Étape vum Studium, dem **Verdéifongsstudium**, 3 Verdéifongsfächer an 1 Wahlpflichtfach eraus gesicht gin.

Hei gi Léisungsmethoden entwéckelt, déi bestoend Verfahre fir praktesch Problemer ausprobéiert a verschidde Léisongswéer analyséiert an diskutéiert. Verschidde Projekter solle komplett réaliséiert a présentéiert gin.

Studente sollen léiren, fachspézifesch, wëssenschaftlech Aarbechtsmethoden an der Praxis ze gebrauchen. Déi gefuerdert 3 Verdéifongsfächer können op Grond vu perséinlechen Interessen zesummengestalt gin.

Méiglech Verdéifongsfächer sin:

- |   |                                     |
|---|-------------------------------------|
| - Baubetrieb und Bauproduktion                              | - Bauinformatik                     |
| - Baustatik   | - Bodenmechanik und Grundbau        |
| - Massivbau   | - Wasserbau und Wasserwirtschaft    |
| - Stahlbau  | - Verkehrswesen und Verkehrswegwbau |
| - Siedlungswasserwirtschaft und Abfallwirtschaft            |                                     |
| - Integrierte Hochbautechnik oder Orts- und Regionalplanung |                                     |



### Opbau vum BI-Studium

Déi Fächer wéi Bauinformatik, Baustatik, Bodenmechanik a Grondbau, Massivbau a Stolbau sin haapsächlech dem konstruktiven Ingénieurbau zouzerechnen. Ennert dem konstruktiven Ingénieurbau versteet é den Entworf, Konstruktioun, Berechnung an Ausföirung vun Ingénieurbauwiker aller Art wéi z.B. Haiser, Haalen, Brécken, Industrie-, Wasserbau- an Tunnelbauwiker.

An de Fächer Orts-, Regionalplanung, Siedlungswasser- an Offallwirtschaft, Verkéierswesen a Stroossebau, Wasserbau a Wasserwirtschaft gët én Ingenieur instruéiert, dé fäheg ass, Anlage vun der technéscher Infrastruktur wéi z.B. Verkéiers-, Wasserbaulech-, Waasserversuergungs, Ofwaasser-, an Offallbesäitigungsanlagen ze plangen, ze entwerfen, ze bauen, ze bedreiwen an an der Staat-, Regional- an Landesplanung matzeschaffen.

### De Studienplang vun engem BI

Am Studienplang fënnt é déi vun dénen énzelne Fachgebieter ugebueder Pflicht- an Wahlpflicht Coure verdeelt op déi énzel Semester.

An déne leschte Joere gi bei der Ausbildung vum Ingénieur d'Akzenter nüt némme méi op déi technesch Kriterie gesaat, mé verstärkt och op sozial an ökologesch Aspekter, wou den Ingénieur selwer kloer gemach gët, dat hien och eng sozial a politesch Responsabilitéit droe muss. Duerfir gehéiert zu enger beruflecher Qualifikatioun nüt némmen technescht Wësse, mé och d'Fähegkét, kritesch a fachiwergräifend ze denken.

Wien sech fir de Studium vum BI interesséiert, ka sech jo emol bei engem vun den nofolgende Leit mellen:

Dan FERRON

Beethovenstr. 52  
D-67655 Kaiserslautern  
Tél.: 0049 / 631 / 26232

182, rue due Parc  
L-3542 Diddeléng  
Tél.: 51 07 80

Dan KOHNEN

Beethovenstr. 52  
D-67655 Kaiserslautern  
Tél.: 0049 / 631 / 26232

8, rue de Septfontaine  
L-7595 Reckange / Mersch  
Tél.: 32 92 71

---

## Wirtschaftsingenieurwesen

oder das unbekannte Wesen

De Wirtschaftsingenieur (WI) ass en Ingénieur, dén nüt némme wéss, wéi eppes gebaut gët, mé och wéss, wéi é déi erfonte Saache vun sénge Kollege verkaaft kritt. De WI mëscht niewent déne klassesche Maschinnebaufächer och vill Wirtschaftswissenschaften. De grousse Virdéel vun dësem Studium as awer dat é eng zwésäitesch Ausbildung kritt. Salopp geschwaat léiert é nüt némme wéi é eppes entweckelt, mé och wéi é daat duerno verkéeft.

De Grondstudium (och Virdiplom genannt), ass genau festgeluecht. Et huet é hei bestëmmte Pflichtfächer, déi é alleguer packe muss. Am Haaptstudium dogéint huet é eng grouss Auswiel vu Fächer an et kann é säi Prüfungsplang zimläch fräi gestalten. Doduerch, datt d'Uni nach am Wuessen ass, gët d'Auswiel virun allem am Beräich vun de Wirtschaftsfächer èmmer nach méi grouss. Iwer de ganzen Studium gekuckt haalen sech d'Fächer aus dénen zwé Fachberäicher ongefíier d'Wo. Am Virdiplom läit d'Gewicht op den technesche Fächer, am Haaptdiplom méi op de Wirtschaftswissenschaften.

D'Arbeitsfeld vum WI läit an de méeschte Fäll op der Grenz téschent der Technik an der Wirtschaft, do wou é souwuel technëschen Know-How wéi och Ahnung vun Eco's Zesummenhang muss hun. An Däitschland ass de WI é vun déne beschtbezeltenen Ingénieurs. Also: *Avis aux amateurs!!*



Och den WI muss é Praktikum maachen: 13 Wochen am Grondstudium an 13 Wochen am Haaptstudium. Et gët eng genau festgeluechten Praktikantenordnung wou drastéet, waat é maache muss. Vun déne 26 Wochen Stage sin 13 Wochen technëschen Déel an 13 Wochen kaufmänneschen Déel.

Déi Leit, déi vun enger 13<sup>ième</sup> kommen an schons emol Atelier haaten, können sech é Déel unerkenne lossen. Et ass nët schlecht, wann é scho Praktikum gemaach huet, éiert é mam Studium ufankt. Déi Zäit huet é nämléch da méi.

Nach e puer Wuert zou der Studiendauer. Bei den WI'e kritt é de Virdiplom an der Moyenne no 6 Semester, den Haaptdiplom no 13 Semester. D'Regelstudienzäit gët also och hei aus déne scho genannte Grënn däitléch iwerschratt.

Am Virdiplom huet é 10 Virdiplomklausuren an 19 Schäiklausuren. Eng Schäiklausur gét iwert de Léierstoff vun engem Semester. Bei de Virdiplomklausure stéet d'Semesterzuel a Klammeren. Folgend Fächer sin am Virdiplom ze maachen:

Mathé (3)	Betriebsinformatik (2)
Technische Mechanik (3)	Produktionswirtschaft (1)
Maschinenelemente (3)	Marketing (1)
Thermodynamik (1)	Investition & Finanzierung (1)
Werkstoffkunde (2)	Internes Rechnungswesen (1)

D'Schäiklausure, déi é schreiwe muss sin:

Darstellende Geometrie	Elektrotechnik (2*)
Einführung in die Volkswirtschaftslehre	
Einführung in die Betriebswirtschaftslehre	
Finanzbuchhaltung	Informatik
Programmiertechnisches Labor	Wirtschaft und Technik
Zivilrecht (2*)	Maschinenelemente (3*)
Thermodynamik	Betriebsinformatik
Statistik (2*)	

Am Haaptdiplom huet é d'Méiglechkéet, séch an alle Maschinebaufächer ze verdéiwen; op der wirtschaftlecher Säit kann é 3 Fächer aus déne folgenden auswielien: Marketing, Volkswirtschaft, Rechnungswesen, Recht, Organisatioun & Personal, Betriebsinformatik, Steuern an Produktionsmanagement. Dobäi kommen dann nach fräi Wahlfächer, wou é all Fächer ka fräi wielen, déi op der Uni ugebuede gin, och Sproochen oder Fächer wéi Konschtgeschicht, Psychologie oder Pädagogik.

Dozou kommen nach 2 Seminären, 2 Studienarbechten an eng Diplomarbecht. Et schafft én do onoofhängeg fir séch eleng, ét gët én natierlech betreit vum Prof oder séngem Assistent. D'Seminararbechte sin allenzwou am Wirtschaftsberäich an daure

genau é Semester. Am allgemeine sin se zimmléch interessant a léierräich. Sie gi mat engem Virtraag oofgeschloss.

Vun de Studienarbechten ass eng an der Wirtschaft an eng an der Technik ze maachen. Sie dauerent der Prüfungsordnung no 3 bis 6 Semester, mé daat ass Mumpitz! Studienarbechten déi méi laang wéi é Joer gi, si keng Seltenhéet. Daat kascht vill Zait an esouguer wann é némmen niewelanscht dru schafft as ét dach eng Belaaschtung. D'Diplomarbecht kann é esouwuel am Beräich vu Wirtschaftswissenschaften wéi och am Beräich vum Maschinnewesen maachen.

Kontaktadressen:	WENGLER Joël Kurt-Schumacher-Str. 34 67663 Kaiserslautern 0631 / 24896	GILLEN Thierry Schubertstr. 37 67655 Kaiserslautern 0631 / 63472
	10, rue Arthur Knoff L-1862 Luxembourg	17, rue Schoetter L-2523 Luxembourg Tél.: 44 12 36

## Wéi gin d'Examen geschriwen ?

Eng gudd Fro !?

Vokabel: *Examen = Prüfung = Klausur*

An Däitschland op den Uni'en zielt all Examen vir sech eleng. Et kann én also net soen 'Ech hun daat éischt Joer net gepackt', well ét engem fräi gestallt ass, wéi eng Examen én am éischte Joer schreiw. Et kann én also némmen énzel Fächer packen. Wann én en Exame gepackt huet, da bräuch én dësen Exame nie méi ze schreiwen.

Allgemeng kann én teschent zwou Zorten Examen énnerschéden: éischtens d'Schäiklausuren oder och Schäiner genannt an zwétens d'Virdiplomklausuren respektiv d'Haapt diplomklausuren.

**Schäiklausuren:** Och eng Scheiklausur muss é packen; si get also net némmen zum Schäin geschriwen. Heifir brauch én séch awer nüt um Prüfungsamt unzermellen. Schäiklausuren gi méschtens iwer de Léierstoff vun engem Semester a sin oft Viraussetzung fir duerno dann d'Diplomsklausur an dem Fach ze schreiwen. Theoretesch kann én an enger Schäiklausur esou oft duerchfaalen wéi é wéll mä praktesch ass én dann éiweg um studéiren. Verschidde Schäiner kritt én awer och duerch Übungen, daat héscht ét brauch é keng Schäiklausur ze schreiwen, fir de Schäin ze kréien.

**Virdiplom- an Haaptdiplomklausuren:** An déne méschte Fachberäicher kann é sëch fréistens nom 2ten Semester fir de Virdiplom umellen, daat héscht dat én séng Virdiplomklausuren an enger bestëmpter Zäit (méschtens innerhalb vun engem Joer) allegueren schreiwe muss. Dëss Examen leie baal émmer an der Semestervakanz. Et duerf én am allgemengen an all Vir- respektiv Haaptdiplomklausur némmen eng Kéier durchfaalen, soss ass de Studium eriwer (finito!). D'Umellung fir d'Diplomprüfunge soll é sëch dofir gudd iwerléen. An der Praxis ass ét allgemeng esou datt é fir d'éischt seng Schäiklausur schreiw a wann én déi gepackt huet mellt é sech eréischt fir den Diplom un.



